ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4742
Reçue le 26.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.07.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bauteminister weiderzeleeden.

D'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli 2021 hunn d'Bevëlkerung vun eisem Land schockéiert a viru grouss Erausfuerderunge gestallt. Wärend alles ënnerholl gëtt, fir d'Konsequenze vun der Katastroph ënner Kontroll ze bréngen, ginn et hei am Land nach keng kloer Informatiounen driwwer, wat de Schued duerch dës Iwwerschwemmungen un eise Brécken ugeet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bauteminister:

1) Wéi ass et generell bestallt ëm d'Sécherheet vun eise Brécken am Hibléck op eventuell zukünfteg Naturkatastrophe wéi Tornadoen, asw.?
2) Gëtt et ee Gesamtbild, wat de Schued ugeet, deen d'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli un eise Brécken ugeriicht hunn?
3) Wat elo am Speziellen déi zwou Brécken op der E 421 (Angelduerf/Ierpeldeng) an am Zentrum vu Veianen ugeet: Sinn dës zwou Brécken duerch d'Iwwerschwemmunge beschiedegt ginn? Wa jo, wéi grouss ass deen entstanene Schued?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 30 AOUT 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4742 du 26 juillet 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la sécurité des ponts, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Ufro N°4742 vum 26. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen iwwer "Sécurité des ponts"**

*1) Wéi ass et generell bestallt ëm d'Sécherheet vun éise Bröcken am Hibléck op eventuell zukünfteg Naturkatastrophe wéi Tornadoen, asw.?*

D'Bröcke vum nationale Stroossereseau ginn no den aktuellen Normen, esou wéi den unerkannte Reegele vun der Technik geplangt a gebaut, soudass dës dem virgesinne Secherheetsusproch entspriechen. All dës Bröcke ginn och a reegelméissegen Intervalle kontrolléiert, an et gëtt den noutwendegen Entretien gemaach.

*2) Gëtt et ee Gesamtbild, wat de Schued ugeet, deen d'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli un eise Bröcken ugeriicht hunn?*

Ee Gesamtbild, wat de Schued ugeet, deen d'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli un de Bröcken ugeriicht hunn, a wéi en an deenen zwou folgende Wochen ersiichtlech war, ass an der folgender Tabell resuméiert:

| | Nombre OA's | Entretien | Petits défauts | Défauts mineurs | Défauts majeurs |
|---|---|---|---|---|---|
| Alzette | 83 | 16 | 8 | 0 | 0 |
| Our | 19 | 6 | 3 | 1 | 0 |
| Ernz | 6 | 3 | 1 | 1 | 0 |
| Ernz noire | 11 | 4 | 1 | 1 | 0 |
| Ernz blanche | 17 | 4 | 1 | 0 | 0 |
| Eisch | 20 | 0 | 2 | 1 | 0 |
| Mamer | 15 | 0 | 2 | 2 | 0 |
| Basse-Sûre | 29 | 12 | 3 | 0 | 0 |
| Pétrusse | 17 | 2 | 3 | 0 | 0 |
| **TOTAL** | **217** | **47** | **24** | **6** | **0** |

Vun 217 Bröcke waren der 47, déi vun dem duerch d'Héichwaasser entstanene Dreck a Schlamm befreit gi sinn, 24, bei deene geréng Entretiensaarbechten néideg sinn a 6 Bröcken, bei deene kleng Reparaturaarbechte musse gemaach ginn.

*3) Wat elo am Speziellen déi zwou Bröcken op der E 421 (Angelduerf/Ierpeldeng) an am Zentrum vu Veianen ugeet: Sinn dës zwou Bröcken duerch d'Iwwerschwemmunge beschiedegt ginn? Wa jo, wéi grouss ass den enstanene Schued?*

Aus renger Virsiicht sinn Ouvragen, ewéi zu Veianen, gespaart ginn. Dëst fir kënnen d'Offléisse vum Waasser ofzewaarden an duerno eng Bestandsopnam ze maachen.

Déi zwou ugeschwate Bröcke goufe vun den Agente vun der Stroossebauverwaltung inspizéiert an et konnt kee Schued festgestallt ginn.